Lëtzebuerger
# duerf
fir e chrëschtlecht a sozialt Engagement

# „Licht der Welt, Salz der Erde" Mt 5,13 – 16

Grad an dëser Zäit sinn zu Lëtzebuerg 2 jonk Männer vum Här Äerzbëschof zu Priister geweit ginn. Dat ass schonn een Ereegnis op dat en haut muss hiweisen well et bei eis seelen ginn ass. Wat sinn dann déi Aufgaben, déi op de Ricardo an op de Charel waarden? Aus Erfahrung dierf ech soen, dat sie net nëmme villfälteg a komplex sinn, mee och dat sie an der Zukunft net of- mee éischter zouhuelen. Eng besonnesch Missioun vum Geeschtleche besteet haut doranner, datt en de Ruff vum Herrgott an där Gemeinschaft, wou e lieft a wierkt, bei deene Mënschen, Fraen a Männer, Jonken an Eeleren, mierkt, entdeckt, fördert, fleegt an esou zur Eklosioun bréngt. Hien ass deen, dee Netzer spaant, hien ass deen, deen als Moderator, zesummen mat deenen aneren Engagéierten an eventuell mat enger bestëmmter Aufgab beobdragte Chrëschten, derfir suergt, datt aus deene verschiddene Fiedem en Tapis gëtt, hien ass deen, dee besonnesch derfir ze suergen huet, datt en d'Fiedem eben net nëmmen horizontal lafen, mä och vertikal, an datt dat Ganzt eng Form kritt, déi den Ëmstänn entsprécht, déi eng Méiglechkeet huet grad an eiser Zäit, an deenen Ëmstänn, wou e lieft, där Botschaft vum Jesus dat néidegt Gesiicht, déi Form an dee Gehalt ze ginn, datt se vun anere Mënschen verstan, ugeholl a bejot ka ginn. En ass esou eppes wéi eng Hiewan, déi de Mënschen hëlleft d'Gesicht vu Jesus an der Welt siichtbar, fillbar ze maachen.

Bäi all deem ass et wichteg opzepassen, datt dat Bild, dat no bausse gedroe gëtt, net schizophren an net hypokritesch ass. Et ka net sinn, datt all dat, wat soziaalt Engagement ugeet, net souvill Bedeitung, keng sou eng grouss Importenz huet, wéi dat, wat Sexualmoral betrëfft. Ech sinn dovun iwwerzeegt, datt grad d'Kierch a punkto Aarmut a Soziales sou Munches ze soen huet. Allerdings muss se sech konsequent sinn, an dat vun uewe no ënnen. Dat waren se net ëmmer an zu dëse Feeler musse mer stoen. Eise Poopst François huet an deem Sënn sengem Numm all Éier gemaach duerch säi Beispill an duerch Haltung, déi dat ënnersträicht wat hie seet.

Grad eise Bëschof huet dat do nach eng Kéier ganz däitlech gemaach bei der Journée sociale de 19.11.2011. Hie sot et geet net drëm eng Buerg ze verteidegen, mä an der Welt vun haut seng Fra, säi Mann ze stellen. Et ass schwéier an der Kathedral Mass ze feiere wann op der Clairefontainesplaz Flüchtlingen am Hongerstreik sin a fir hier elementar Rechter kämpfe mussen. Do kennt hien an d'Rei vun de Bëscheef Don Helder Camara an Oscar Romero, deenen hiren Asaz fir sozial Gerechtegkeet mir nach haut feieren.



D'Kierch brauch Mënschen, déi sech engagéieren, an déi sech, je no hiren Talenter, ganz, an op alle Pläng an der Kierch engagéiere kënnen. Wat mécht de Bëschof, wann e kee Vollek huet, dat am selwechte Glawen zu him steet? Dat ass esou wéi eng Lokomotiv ouni Waggonen, dat gëtt ni en Zuch. Et ass schonn eppes ganz Aussergewéinleches, datt d'Kierch ebe Fraen a Männer vun der jeeweileger Zäit brauch, fir anzegesinn, wou se hänkt, wou se net sou richteg tickt, wou se net méi mat der Zäit geet. Wéi 1848 de Viktor Schoelcher d'Sklaverei ofgeschaaft huet, do waren d'Chrëschten net an der éischter Rei, fir dat z'approuvéieren. Denke mer och un dee berühmte Saz vum Jean Jaurès, deen den Deputéierte vun der Rietspartei an der franséischer Chamber zougeruff huet, mam Fanger op der Bibel: „Messieurs, vous devriez lire ce livre." Denke mir och un d'Schwieregkeeten, déi d'Kierch huet bei der Unerkennung vun de ‚Mënscherechter'.

An anere Wierder: d'Welt ronderëm eis seet eis, wat d'Exigenze sinn, déi soen der Kierch, wat se vun hier erwaarden. A wa mer déi Wierder net héieren, wa mer dee Ruff net héieren, da riichte mer vläicht en Tuerm op, wéi den Tuerm vu Babel, oder, wéi ech et heiansdo soen an de Priedegten, da sëtze mer gemittlech an eiser Thermosfläsch, mir si geschützt, et kënnt näischt vu baussen un eis erun an et ass gutt mockeleg dobannen a mir fillen eis wuel, mä mir hunn näischt méi mat der Welt ze dinn. An da si mer och keng Kierch méi. Da si mer och net méi déi Hief, déi eben d'Welt soll durchseieren. Da si mer net méi d'Salz vun der Äerd, da si mer net méi d'Liicht vun der Welt, da si mer nach gutt, fir erausgeworf an zertréppelt ze ginn. Eng Kierch, déi net dengt, dengt zu näischt méi!

Loosse mer also tatsächlech eis Fënsteren oprappen, wéi de Johannes XXIII. dat scho gemaach huet, wéi en den II. Vatikanesche Konzil aberuff huet. Loosse mer lauschteren, wat d'Welt eis seet, loosse mer probéieren, mat deene Fraen a Männer, déi bereet sinn, als Chrëschten ze liewen, a bereet sinn, sech och an der Gemeinschaft vun de Chrëschte méi staark ze engagéieren, esou ze schaffen, datt d'Botschaft vu Christus siichtbar a fillbar gëtt. Déi gréissten Aufgab vum Geeschtleche kënnt dann doranner bestoen, d'Kräften ze bündelen an derfir ze suergen, datt un engem Strang gezu gëtt, datt en ëmmer erëm d'Frou-Botschaft an Erënnerung rifft a weist, wou eist äussert Bild net mat deem iwwerteneestëmmt, wat mer am Fong geholl gleewen, an ze verkënnegen hunn. Dat hun an ze maachen op der Plaz, wou Gott mech, dech brauch, a wou meng, deng Kompetenze leien, déi ganz perséinlech Berufung mat senge Méiglechkeeten a Fäegkeeten. E groussen Theolog vun eiser Zäit huet dat esou formuléiert:

„Selbstgemachter und so schuldhafter Skandal ist es, wenn unter dem Vorwand, die Unabhängigkeit des Glaubens zu schützen, nur die eigene Gestrigkeit verteidigt wird... Selbstgemachter und so schuldhafter Skandal ist es auch, wenn unter dem Vorwand, die Ganzheit der Wahrheit zu sichern, Schulmeinungen verewigt werden,

*Fortsetzung auf Seite 12*

CEJA-Seminar in Dublin

# Ländliche Entwicklung 2014-2020



*Die Delegation aus Luxemburg mit dem irischen Präsidenten Michael D. Higgins: (v-l.n.r.) Marc Jacobs, Christiane Kotthoff, Laurent Frantz*




Der Einladung der irischen Landjugend „Macra na Feirme" folgend, trafen sich am 11. März 2013 mehr als 50 Junglandwirtinnen und Junglandwirte aus Europa in Dublin, um gemeinsam die möglichen Auswirkungen der nächsten GAP-Periode (2014-2020) auf die ländliche Entwicklung und die Junglandwirte zu erörtern. Neben CEJA-Vizepräsident Laurent Frantz nahm Marc Jacobs als Vertreter der *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer* an der Konferenz teil.

Im Rahmen des derzeitigen Ratsvorsitzes der Iren konnte – neben dem irischen Landwirtschaftsminister Simon Coveney – auch Agrarkommissar Dacian Ciolos für eine gemeinsame Podiumsveranstaltung gewonnen werden. In ihren Vorträgen gingen sie auf den aktuellen Stand der Verhandlungen der GAP-Reform ein. Im April werden die Trilog-Gespräche des EU-Parlamentes, der EU-Kommission und dem EU-Ministerrat beginnen, um die Positionen der jeweiligen Gremien auf einen gemeinsamen Nenner zu bringen.

### Förderung der Junglandwirte

Simon Coveney unterstrich, dass die getroffene Entscheidung des EU-Ministerrates, nicht die Seine sei. Für ihn gehen die freiwilligen Maßnahmen nicht weit genug. Ähnlich äußerte sich auch EU-Agrarkommissar Dacian Ciolos. Er pochte darauf, dass die Förderung der Junglandwirte im Rahmen der Ersten Säule in jedem Mitgliedsland obligatorisch werde, um den Junglandwirten in ganz Europa die gleichen Startbedingungen zu gewähren. *Anmerkung*: In den Verhandlungen im EU-Ministerrat hat auch der Luxemburger Agrarminister Romain Schneider den Kompromiss in der Junglandwirtefrage als Rückschritt bezeichnet.

Als äußerst interessant erwiesen sich die Vorträge der vier Junglandwirte aus Slowenien, Deutschland, Spanien und Irland, die die Vielfältigkeit der Landwirtschaft mit ihren Eigenarten, Herausforderungen und Problemen in Europa aufzeigten. Sie erläuterten, wie sie ihre Betriebe unter den ihnen gebotenen natürlichen Voraussetzungen, mit ihren Ideen und mit Hilfe der Förderprogramme, entwickelten und sie für die Zukunft rüsten.

Das eigentliche Thema der Konferenz, die ländliche Entwicklung, wurde in kleinen Arbeitsgruppen behandelt. Diese Arbeitsgruppen waren regional zusammengestellt. Zuerst zogen sie die Bilanz der ländlichen Entwicklungsprogramme der Periode 2007 – 2013 in ihren jeweiligen Heimatländern. Anschließend wurde analysiert, welche Maßnahmen sich bewährt haben, welche keinen Sinn mehr machen und welche in der nächsten Periode neu geschaffen werden müssen. Aus dieser Arbeit wurde ein CEJA-Positionspapier erstellt, das unter *www.ceja.eu* nachzulesen ist.

### „In shaking your hands, I felt that you are in touch with reality"

Neben dem fachlichen Teil, boten die irischen Gastgeber ein beeindruckendes Rahmenprogramm. Zum Höhepunkt zählte der persönliche Empfang der Teilnehmer durch den irischen Präsidenten Michael D. Higgins. Es bot sich die Gelegenheit zu einem regen Austausch. In seiner Ansprache machte der Präsident bezüglich der CEJA-Vertreter diese interessante Anmerkung: „In shaking your hands, I felt that you are in touch with reality", die die Realität der Landwirte widerspiegelt.

### Besichtigungen

Einer der Tage der dreitägigen Konferenz war für Besichtigungen reserviert. Die erste Besichtigung brachte die Teilnehmer in eine Forschungsanstalt. Hier wurde um eine möglichst optimale Nutzung des Grünlandes in Kombination mit Mutterkuhhaltung und Bullen- bzw. Ochsenmast geforscht. Die Mutterkühe kalben in den Monaten Februar bis April und werden dann bis November auf der Weide gehalten. Zwischen Ende November und Anfang Februar werden die Tiere – je nach Witterung – nur 2 bis 3 Monate im Stall gehalten. Die Bullen werden nach dem Absetzen im Stall ausgemästet. Die Ochsen verbringen ein zweites Jahr auf der Weide, bevor sie dann nach kurzer Endmast im Stall geschlachtet werden.

Eine zweite Besichtigung führte sie auf einen Milchviehbetrieb, der – wie in Irland typisch – mit saisonaler Abkalbung, nur Milch aus Gras produziert. Zum Zeitpunkt der Visite (12. März 2013) hatten fast alle Kühe abgekalbt, sodass die Produktion dieses Jahr gut anlief. Der Betrieb zieht alle Kälber selber auf; die weiblichen als Nachzucht für die Milchkühe, die Ochsen werden gemästet. Der Betrieb melkt zurzeit knapp über 100 Kühe, will aber nach Ende der Milchquote auf 200 Kühe aufstocken. Hinsichtlich der geplanten Aufstockung hat der Betriebsleiter erst kürzlich einen neuen Swing-Over-Melkstand mit 2x24 Plätzen gebaut.

Die letzte Besichtigung führte die Gruppe ins Zentrum von Dublin zur alten Guinness-Brauerei. Die Brauerei wurde 1759 von Arthur Guinness gegründet. Er hat das Land, auf dem die Brauerei steht, für 9.000 Jahre gemietet. Auch wenn heute das Guinness-Bier vor den Toren Dublins gebraut wird, so entstand aus dem traditionellen Brauort ein Zentrum, das den Besuchern die Brauprozesse auf interessante Weise veranschaulicht.

Dem Veranstalter in Dublin, der irländischen Landjugend Macra na Feirme entbieten wir unseren aufrichtigen Dank, für die exemplarische Organisation und Durchführung des erfolgreichen Seminars.

***Laurent Frantz***
*CEJA-Vizepräsident*



*Boris Baeke, CEJA-Vorsitzender, Alan Jagoe, Vorsitzender der irischen Jungbauernorganisation Macra na Feirme, Dacian Ciolos, EU-Agrarkommissar, und Simon Coveney, irischer Landwirtschaftsminister, während des CEJA-Seminars in Dublin*

# Ansprache an die Vertreter der nationalen Parlamente

***CEJA-Vizepräsident Laurent Frantz trägt die CEJA-Positionen vor***

Parallel zur CEJA-Konferenz fand in Dublin ein Treffen der Vorsitzenden der Agrarkommissionen der nationalen Parlamente statt. Das Parlament aus Luxemburg war durch Herrn Roger Negri vertreten. Ein Teil dieses Treffens war den Problemen der Jungbauern gewidmet. CEJA-Vizepräsident Laurent Frantz hatte die Ehre die CEJA-Positionen vorzutragen.

In seiner Ansprache unterstrich er die Notwendigkeit von obligatorischen Maßnahmen im Rahmen der Ersten Säule und einem weiteren Programm zur Unterstützung von Investitionen im Rahmen der Zweiten Säule. Laurent Frantz unterstrich, dass die Übernahme des Hofes für jeden Junglandwirt der schwierigste Schritt in seiner beruflichen Laufbahn sei. Somit müsste die Politik bei der Reform der GAP einen vernünftigen Rahmen stellen, der es jedem jungen Menschen – der Interesse an der Landwirtschaft bekundet – ermöglicht, einen Betrieb zu übernehmen.

Auf Nachfrage einiger nationaler Parlamentarier wies der Redner darauf hin, dass die Herausforderungen – mit denen ein junger Mensch bei der Übernahme eines landwirtschaftlichen Betriebes konfrontiert ist – überall in Europa die gleichen und gemeinsame Lösungen vonnöten sind.

Die Frage eines Abgeordneten aus Griechenland bezog sich auf die Folgen der aktuellen Krise. Jeder 6. Arbeitsplatz in Europa hänge an der Landwirtschaft und somit könne sie – besonders in der jetzigen Zeit – ihren Beitrag leisten, um jungen Menschen neue Perspektiven zu bieten.



*Während des Treffens der Vorsitzenden der Agrarkommissionen der nationalen Parlamente*



# Weidemilch – Vom Gras ins Glas



Unter dem Motto „Vom Gras ins Glas" öffnete der Bauernhof Thiry in Schouweiler am 27. April 2013 seine Stalltore und Molkereitüren. Rund 35 Besucher aller Altersgruppen kamen und staunten.

Jeff Thiry, der älteste Sohn der Familie, begann mit seiner Hofführung im Milchviehstall, wo nicht nur die gemächlich kauenden Kühe faszinierten. Was die Kühe kauten und warum welche Zutaten im Futter wichtig für die Tiergesundheit sind erklärte Jeff Boonen vom Dairyman-Projekt. Katharina David von der „Ekologesch Landwirtschaftsberodung" zeigte wie man aus Sonnenblumen Öl und Eiweißfutter herstellt.

Marita Hoffman vom Dairyman-Projekt erarbeitete mit den Kindern anhand eines interaktiven Puzzles die wichtigsten Milchviehrassen. Von besonderem Interesse war der Melkroboter, der seit 2011 die 55 Milchkühe automatisch melkt. „Jetzt haben wir mehr Zeit, um uns auf das Wohlbefinden unserer Tiere zu konzentrieren", erklärte der Junglandwirt Jeff Thiry.

Nach dem Melken gingen die Kühe direkt auf die Weide und wir zu den verspielten Kälbern und den neugierigen Mastbullen. Die Bullen werden in einem dick eingestreuten Offenstall gehalten, regional – also ohne lange Transporte – geschlachtet und als „Rëndfleesch vum Lëtzebuerger Bauer" im Cactus vermarktet. Die Unterschiede der einzelnen Fleischrinderrassen wurden wieder „erpuzzelt".

Alle Tiere auf dem Hof werden garantiert ohne Gentechnik gefüttert. Das Futter kommt vorwiegend von den umliegenden Wiesen. Gräser, Kräuter, Klee und sogar Butterblumen wachsen auf den saftigen Weiden. Kein Wunder also, dass man für die Produktion von einem Liter Milch gar nicht so viel Fläche braucht, wie Claude Felten vom Dairyman-Projekt anschaulich erklärte.

In der seit März geöffneten Molkerei erklärte Betriebsleiter Claude Thiry, worauf es beim Abfüllen der Milch ankommt. Besonders die Kinder wollten wissen wie genau die Milch nun vom Tank in den TetraPak kommt. Spontan stellte Herr Thiry die Abfüllmaschine an und füllte ein paar Milchtüten ab. TetraPaks falten, mit Stöpseln versehen und füllen, dank der gläsernen Maschine wusste nun jeder wie es funktioniert. Zum Abschluss konnte jeder die frische Weidemilch probieren und im Hofladen den Wochenvorrat an Frischmilch einkaufen.

Bei Interesse gibt Herr Thiry gerne Infos zu den aktuellen Verkaufsstandorten.

***Katharina David***
*Landwirtschaftsberaterin*

*Landjugenddag 2013*

# E Joer vu Wiessel

*Usprooch vum Remy Harpes, President vun der Daachorganisatioun vun der Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer a.s.b.l.*



Mir schléissen äis de Wierder vum Remy Harpes un a wënschen der Madame Jacobs nach vill schéin an erfëllte Joren an där neier Etapp vun hirem Liewen.

*Léif Éiregäscht,*

*Léif Memberen a Frënn vun der Lëtzebuerger Landjugend,*

Erlaabt mir, fir hei a menger Funktioun als President vun eiser Daachorganisatioun e puer Wuert un lech ze riichten.

Fir d'éischt wëll ech e grousse Merci soen, datt déi béid nei genannte Ministeren, d'Madame Martine Hansen, Minister fir d'Héichschoulwiesen an d'Recherche, an den Här Marc Spautz, Familljeminister a Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Hëllef, de Wee bei äis fonnt hunn.

## Eis grouss Unerkennung fir d'Madame Marie-Josée Jacobs

Gläichzäiteg wëll ech der Madame Marie-Josée Jacobs, déi ëmmer nees um Landjugenddag präsent war, eis grouss Unerkennung ausschwätzen, fir hir Trei a Wäertschätzung mat där si d'Aarbecht vun der Lëtzebuerger Landjugend, de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer an der ONG an hire Funktiounen als Familije-, Landwirtschafts- a Kooperatiounsminister begleet huet. Duerch dës Ressorten war si enk mat eisen Associatiounen verbonnen. Och wann si haut net bei äis ka sinn, soen ech hir am Numm vun äis all ee ganz grousse Merci a wënschen



*Duerch hir Präsenz hunn d'Ministere Martine Hansen, Marco Schank, Romain Schneider a Marc Spautz – niewent villen aneren Autoritéiten – der Lëtzebuerger Landjugend hir Sympathie ausgedréckt*

hir all Guddes an där neier Etapp vun hirem Liewen.

### E Merci un eis laangjäreg Sekretärin

Léif Leit, net nëmmen an der Regierung gi Leit ersat, mee och bei äis.

Virun engem Joer hu mir eise laangjäregen Nationalaumônier, den Abbé Leo Wagener misse goe loossen, vu datt hien aner Aufgaben op pastoraler Ebene krut.

Ee Joer méi spéit huet eng aner gutt Séil aus eise Verbänn äis Äddi gesot. Eis Sekretärin, d'Madame Marie-Rose Kickert, ass no 18 Joer am Déngscht vun der Lëtzebuerger Landjugend, de Jongbaueren a Jongwënzer an der ONG an hir wuelverdéngte Pensioun gaangen. Wann ech sot „am Déngscht vun", dann ass dat net iwwerdriwwen, mee ganz am Contraire. D'Marie-Rose huet hiren Job mat vill Engagement, Responsabilitéit an Dignitéit gemeet. Op eisen Evenementer awer huet si sech ni an déi éischt Rei gestallt – si ass léiwer am Hannergrond bliwwen.

Wann ech de Verglach mat engem Auto maachen, da gesäit ee vun baussen och just de Lack an d'Felge blénken - de Motor awer gesäit een net! An d'Marie-Rose war iwwer laang Joren e gutt Stéck vun dësem Motor.

Ech well hei awer och onbedéngt e Merci un den Ed riichten, dem Marie-Rose hire Mann. Hien huet och dacks eng Hand mat ugepak, wann se gebraucht gouf.

Marie-Rose,

Am Numm vun de regionale Gruppen, vun alle Memberen vun der *Lëtzebuerger Landjugend, de Jongbaueren a Jongwënzer*, der ONG *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Cooperation a.s.b.l.* an der Equipe aus der Zentral am Centre Convict spriechen ech Dir eis grouss Unerkennung aus a wënschen Dir an Denger neier Liewensetapp vill Freed, schéi Momenter an nach laang eng gutt Gesondheet.

*Landjugenddag 2013*

# Klassement vun de Gruppen

***Vun 131 Gruppen, déi sech um Rallye bedeelegt hunn:***

| | | | |
|---|---|---|---|
| 1 | Reisdorf | 26 | CDJ Aangelsbierg 1 |
| 2 | LJ Cliärref 1 | 27 | CDJ Furen 2 |
| 3 | Landjugend Oochen mat 2 0 1 | 28 | Di wëll Schwäin 2 |
| 4 | Waarker Jeekelen 1 | 29 | LJ Süden 3 |
| 5 | LJ Cliärref 2 | 30 | Näertrech-Grëmmlischt 1 |
| 6 | LJ Zenter 1 | 31 | Project 5 |
| 7 | Waarker Jeekelen 2 | 32 | Jeunesse Weller-Pëtscht 1 |
| 8 | LJ Maacher 1 | 33 | Waarker Jeekelen 5 |
| 9 | Hëpperdanger Meedercher 2 | 34 | LJ Cliärref 5 |
| 10 | Jeunesse Hengischt | 35 | LJ Maacher 4 |
| 11 | Waarker Jeekelen 3 | 36 | D´Lëtzebuerger Studente vu Bonn |
| 12 | LJ Maacher 2 | 37 | Krea 1 |
| 13 | LJ Cliärref 3 | 38 | Landjugend Oochen mat 2 0 3 |
| 14 | Landjugend Oochen mat 2 0 2 | 39 | LJ Süden 2 |
| 15 | Hëpperdanger Meedercher 3 | 40 | CDJ Aangelsbierg 2 |
| 16 | Di wëll Schwäin 1 | 41 | Mir si sou 2 |
| 17 | Waarker Jeekelen 4 | 42 | Di Mëll aus dem Dall 1 |
| 18 | LJ Dikkrich 3 | 43 | Jeunesse Weller-Pëtscht 2 |
| 19 | Krea 2 | 44 | Di Mëll aus dem Dall 2 |
| 20 | CDJ Bettenduerf 1 | 45 | LJ Süden 1 |
| 21 | CDJ Furen 1 | 46 | Jeunesse Uewerwampich 1 |
| 22 | LJ Zenter 2 | 47 | Waarker Jeekelen 6 |
| 23 | LJ Cliärref 4 | 48 | Näertrech-Grëmmlischt 2 |
| 24 | LJ Zenter 3 | 49 | CDJ Furen 3 |
| 25 | LJ Maacher 3 | 50 | CDJ Nojem |

Huel deemno dëse Cadeau un, deen eise bescheidene Merci un Dech ass. Du kanns Dir zwar keng Zäit domadder maachen, och kanns Du se net domat no vir oder no

hannen dréinen. Mee dëse Cadeau soll Dech einfach nëmmen un déi hoffentlech schéin Zäit mat äis erënneren.

Léif Leit,

Fir datt hei net e falschen Androck entsteet, well ech awer präziséieren, dass net nëmme Leit fortgaang sinn, mee datt si och ersat gi sinn – jo datt der esouguer dobäikomm sinn!

## Nei Ekipp an eiser Zentral

Den Abbé Romain Richer, eisen neien Nationalaumônier, dierft kengem an eise Verbänn méi een Onbekannte sinn. Hien huet den Tour uechtert all eis regional Landjugendgruppe gemeet an sech gutt agelieft. Ech hoffen, hie fillt sech och gutt vun äis opgeholl.

Dem Marie-Rose hire Posten huet d'Madame Chantal Heuschling-Rischette zënter dem 1. Januar 2013 iwwerholl - dat a Form vun enger 12-Stonnen-Tâche. D'Chantal huet no enger Paus vu 15 Joer, fir hir Kanner ze erzéien, nees eng beruflech Erausfuerderung gesicht.

Mam Objektiv, d'Kooperatiounsaarbecht weider ze professionaliséieren, koum och e gréisseren Aarbechtsopwand op äis duer. Mir sinn deemno net derlaanscht komm, fir eng kompetent Persoun anzestellen, déi sech ëm dëse Volet an eiser Verbandsaarbecht këmmert. Mir hunn déi och fonnt an der Persoun vun der Madame Jacqueline Monville. Mir hunn si den 1. Juni 2012 mat enger 20-Stonnen-Tâche agestallt. Doniewent schafft d'Jacqueline schonn zënter aacht Joer – dat och mat enger hallwer Tâche – bei der ONG-D FNEL an huet deemno e groussen Know-How matbruecht.

Zu gudder Lescht ass och de Volet Landwirtschaftsberodung mat dem OekoZenter no enger Paus erëm opgebléit. Den 1. Abrëll 2012 huet d'Katharina David op dësem Posten ugefaangen. Si mécht dat mat groussem Engagement a vill Éiergäiz. D'Kathy huet zu Kassel ekologesch Agrarwëssenschaft studéiert an duerno – ënner anerem – als selbststännesch Beroderin an Däitschland geschafft.

Eng Persoun aus eiser Zentral am Convict gouf awer nach net ernimmt – an zwar eise Franz. Keng Angscht, hien ass nach ëmmer bei äis. Och wann hien eemol an engem lëschtege Gespréich sot – vu datt hien dee Leschten ass, dee vun där aler Garde bliwwen ass – ech zitéieren: „Mech gitt dir och nach lass!" – esou hale mir hien awer gären nach eng Zäitchen bei äis. Hien ass nämlech och e grousst Stéck vun deem Motor, deen eis Verbänn um Lafen halen, an dat verdéngt e grousse Merci.

Mäi leschte Merci geet un de Claude a seng Ekipp fir d'Organisatioun vun dësem Dag. Ech sinn iwwerzeecht, datt en esou schéi weidergeet, ewéi en ugefaangen huet.

Villmools Merci fir Är Opmierksamkeet!



Mat der Mme Kickert (4.v.l.) gouf och dem Carmen Schiltz (3.v.l.), e grousse Merci ausgedréckt, fir dat dräijäregt Engagement als Presidentin vun der Lëtzebuerger Landjugend. D'Kim Siebenaller (5.v.l.) huet um Landjugenddag d'Funktioun vun der Presidentin iwwerholl. Mir kommen am nächsten Duerf op dëse Wiessel zréck.



*Gutt Stëmmung war dee ganzen Dag iwwer ugesot …*




*… a Geescht a Kierper um Rallye gefuerdert*

*Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.*

## Ënnerstëtzung vun eiser Kooperatiounsaarbecht

De Famillje vun de Verstuerwenen, der **Madame Marie Kaiser-Kieffer** vun Hiefenech an der **Madame Anna Thein-Schaul** vu Giewel dréckt de Verwaltungsrot vun der ONG säi chrëschtlecht Bäileed aus. Si hunn an hirer déiwer Trauer duerch hir generéis Donen en Zeeche vun Hoffnung fir mannerbemëttelt Bauerefamilljen an Afrika gesat.

*Fortsetzung von Seite 1*

die sich einer Zeit als selbstverständlich aufgedrängt haben, aber längst der Revision und der neuen Rückfrage auf die eigentliche Forderung des Ursprünglichen bedürfen." Joseph Ratzinger, Benedikt XVI, 1969 (Einführung in das Christentum)

Wat muss net nach alles zerstéiert ginn oder ofstierwen éier mir all zesummen agesinn datt jidderee gebraucht gëtt, datt jidderee wichteg, eemoleg, mat Talenter ausgestatt ass, déi mir brauchen. Sti mir eis mam Festhalen u Regelen a Gesetzer net selwer am Wee, fir zu där Fräiheet ze kommen déi de Jesus de Schrëftgeléierten a Pharisäer virgelieft huet.

Et geet schliesslech ëm eng Verdéiwung vum Glawe. Dozou gehéiert ouni Zweiwel dat mir kathoulesch Chrëschten elo an an Zukunft d'Mass, d'Eucharistie feiere können. Dozou gehéiert e Geeschtlechen, de seng Gemeinschaft kennt, den Zäit huet fir des Gemeinschaft. De Piestermangel dierf net eleng bestëmmend sinn wéi Pastoral, wéi Seelsorg nach geschéie kann. De Walter Kasper, Theolog a Kardinol huet 1976 a sengem Buch iwwert déi däitsch Synod, Säite 581ff geschriwwen: „Sollte die Kirche der Zukunft über längere Zeit durch akuten Priestermangel gezwungen sein, die Leitung vieler Gemeinden in einem praktischen Sinn Laien anzuvertrauen, dann dürfe sich dies für das Gemeindeverständnis und für das Verständnis des Wesens des priesterlichen Amtes weit negativer auswirken als Änderungen von nicht wesensnotwendigen Zulassungskriterien. Es bleibe dann auf längere Sicht gar nichts anderes übrig, als viele der Laien, die sich im Gemeindedienst bewährt haben, als viri probati zur Ordination zuzulassen." Seitdem si 40 Joer vergaang. Pastoralnout a ville Poren huet dramatesch zougeholl. Zäit ze handelen as menger Meenung no elo do. Esouguer de Kardinol Joseph Ratzinger huet dat a senge Schrëften 2010 (gesammelte Werke, Band 8/2 s 1167) esou geschriwen: „Die Kirche von morgen' wird auch gewisse neue Formen des Amtes kennen und bewährte Christen, die im Beruf stehen, zu Priester weihen."

Erlaabt mer, datt ech mat dem Wonsch an Opruff un iech all ofschléissen: Denkt an ärem Gebiet un all déi Fraen a Männer, déi sech an den Déngscht vu Jesus a senger Botschaft stellen, besonnesch un de Ricardo an de Charel.

Merci

***Fernand Huberty***
*Generalaumônier KMA*

# Die Europäische Bürgerinitiative „One of us"

„One of us" – „Einer von uns" ist eine durch den Lissabonvertrag ermöglichte europäische Bürgerinitiative, welche sich zum Ziel gesetzt hat, europaweit mindestens eine Million UnterzeichnerInnen zu gewinnen. In Luxemburg müssen es 4500 Unterschriften sein.

Es geht darum, die EU aufzufordern, fortan keine (Steuer)gelder mehr in die Stammzellenforschung an menschlichen Embryonen zu investieren (2011 waren es 24 Millionen Euro) und die Kommission sowie das Parlament zu bewegen, sich mit dieser Problematik eingehend auseinander zu setzen.

In der Tat steht spätestens seit den Forschungsergebnissen der Nobelpreisträger für Medizin (2012) Yamanaka und Gurdon fest, dass Heilung (z. B. von Leukämie, Parkinson, Alzheimer u.s.w...) mit adulten Zellen, welche in pluripotente Stammzellen zurückprogrammiert werden, durchaus möglich ist. Die Ergebnisse sind z. T. spektakulär, wie beispielsweise kürzlich in Chicago, wo US-Ärzte einer Zweijährigen in einer Plastikform innerhalb einer Woche aus ihrem eigenen Knochenmark eine neue Luftröhre gezüchtet und erfolgreich eingesetzt haben.

Die Verwendung von körpereigenen adulten Stammzellen ist nicht nur ethisch unbedenklich, sondern hat noch einen weiteren sehr wichtigen Vorteil. Aus dem eigenen Körper entnommene und zurückprogrammierte Zellen, mit denen der Patient behandelt wurde, rufen im Gegensatz zu Stammzellen eines fremden Spenders, keine Abstoßungsreaktionen hervor, welche wiederum mit




Medikamenten abgewendet werden müssten. – Die Stammzellenforschung an Embryonen kommt im Vergleich nur sehr zögerlich voran.

Andererseits hat der Europäische Gerichtshof in Luxemburg vor zwei Jahren zum Thema der Patentierbarkeit menschlicher Embryonen für die Ausweitung des Schutzes der menschlichen Würde auch für die frühesten Entwicklungsstadien seiner Existenz entschieden. So heißt es im Urteil zum Patentstreit „Greenpeace-Brüstle", dass „jede menschliche Eizelle vom Stadium ihrer Befruchtung an als „menschlicher Embryo" [...] anzusehen ist, da die Befruchtung geeignet ist, den Prozess der Entwicklung eines Menschen in Gang zu setzen". Der EuGH stellt fest: „Der menschliche Körper in den einzelnen Phasen seiner Entstehung und Entwicklung sowie die bloße Entdeckung eines seiner Bestandteile, einschließlich der Sequenz oder Teilsequenz eines Gens, können keine patentierbaren Erfindungen darstellen."

Wenn also die Würde des Menschen von Beginn der Verschmelzung von Ei- und Samenzellen respektiert werden soll, und es für therapeutische Zwecke eine wirksamere Alternative gibt, warum embryonale Stammzelllinien, die aus im Zuge dessen getöteten Embryonen gewonnen werden, überhaupt noch zu Forschungszwecken verwenden?

Bitte informieren Sie sich. Unterstützen Sie die europäische Bürgerinitiative „One of Us" mit Ihrer Unterschrift!

Die Anleitung dazu finden Sie unter www.oneofus.eu.

Wenn Sie bei der Unterschriftensammlung mithelfen wollen, wenden Sie sich an die „Vie Naissante" (Tel. 44 44 40; e-mail: info@vienaissante.lu )

***Pour la Vie Naissante/One of Us***


## *Impressum*

**Herausgabe:**
*ACML*
*5, avenue Marie-Thérèse*
*L-2132 LUXEMBOURG*

**Verantwortung:**
**Aktioun:**
*Fernand Huberty* 44743-251
*Jean-Paul Schneider* 44743-251
**Duerf:**
*Romain Richer* 44 743-562
*Franz Glodt* 44 743-252

**Druck:**
*Saint-Paul Luxembourg*

**Erscheinungsdatum:**
*zehn mal jährlich*